PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Bildung weiderzeleeden.

Wien zu Lëtzebuerg an d'Schoul gaangen ass, kann ënner gewëssen Ëmstänn d'lëtzebuergesch Nationalitéit ufroen. D'Gesetz iwwert d'lëtzebuergesch Nationalitéit stipuléiert nämlech am Artikel 27:

> *L'option est ouverte au majeur **ayant accompli au moins sept années de sa scolarité dans le cadre de l'enseignement public luxembourgeois** ou de l'enseignement privé appliquant les programmes d'enseignement public luxembourgeois, à condition d'avoir une résidence habituelleau Grand-Duché de Luxembourg et de s'y trouver en séjour régulier pendant au moins douze mois consécutifs et précédant immédiatement la déclaration d'option.*

Nieft den traditionellen ëffentleche Schoulen, déi kloer ënnert d'Applikatioun vun dësem Artikel falen, gëtt et zanter enger Zäit och den däitsch-lëtzebuergesche Lycée zu Schengen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënne Schouljoren aus dem däitsch-lëtzebuergesche Lycée zu Schengen bei der Berechnung vun der Referenzperiod aus dem Artikel 27 vum Nationalitéitegesetz consideréiert ginn?
2. Wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député